# LOUTRES NEWS



Sep, Oct Nummer 1/2019/2020

LUXEMBOURG - 1
Port Payé
P/S.311








fnel scouts & guides

**Rentrée : 14:00 Klaushaff**

LES LOUTRES DE MERSCH, GROUPE SCOUT AFFILÉ À LA FNEL

Adresse officielle :
**"Les Loutres de Mersch " A.S.B.L**
B.P.31
L-7501 MERSCH

Adresse rédaction
Loutres News
c/o Jacoby
17, rue des Champs
L-7521 Miersch

# Loutres News N°01 2019/20

Eng Zeitung fir all Loutres oder fir déi, déi eng kennen gin.
Kennt mindestens 6x am Joer eraus.

| | |
|---|---|
| Rédactioun: | Jacoby Vic |
| Mataarbecht : | D´Cheffen vun den Loutres<br>An all Member, deem des Zeitung nët egal ass. |
| Drock: | Eegen Drock |
| Adress: | LOUTRES NEWS<br>c/o Jacoby<br>17, rue des Champs<br>L-7521 Mersch<br>Tel: 691631616 |
| Adress vum Home: | 16, Haardter Wee<br>L-7534 MERSCH<br>B.P.31<br>L-7501 Mersch |
| Internet: | www.scouts-loutres.lu |
| Konto: | Les Loutres Mersch<br>**CCPL : LU97 1111 0731 7537 0000** |

| | |
|---|---|
| Beaver Branche | LU03 1111 2051 4284 0000 |
| Wellefchers Branche | LU98 1111 2051 4385 0000 |
| Scouts Branche | LU94 1111 2051 4587 0000 |
| Explorer Branche | LU92 1111 2051 4688 0000 |

LOUTRES SHOP: Frot bei de Chefen no wann der eppes feelt:






**Fro einfach bei dengen Chefen**

**50 Joer Loutres Badge kriss de wanns de nach keen hues.**

Loutres T-Shirt (25 €) Softshell (45€)

# LOUTRES-OPEN-R

LOUTRES-OPEN-R

## Rentrée 2019

### Samstes, den 21 September

Wann Schoul ugeet ass och Zäit fir rëm op de Scoutsbierg kucken ze kommen. Mir fänken un den 21 September mat neier Energie.

Hues du nach e Kolleg deem ‘s de weisen wëlls wat Scouten sinn, da bréng deen och roueg mat fir schnupperen ze kommen.

**14:00 :** **RDV fir all Beaver, Wëllefcher, Scouten an Explorer um Klaushaff bei Schëndels, vun do aus gi mer duerch Mamerleen bei eisen Home**

**16:30:** **Schluss beim Home RDV bei eisem Home um Haardterwee zu Miersch**

Hut der Froen oder wëllt eis kennen léieren da kommt bis laanscht.

Dot iech dem Wieder ugepasst un, well mir sinn dobaussen.





Wann eppes net kloer ass, kennt Dir Iech gäer bei eis mellen.

Lenks Patt - D’Cheffen

# Cotisatioun 2019-20

Léif Elteren a Memberen



Fir Member an de Loutres ze sinn, dat heescht eis Zeitung “d´Loutres News”, “De Scout” ze kréien an vun der Assurance gedeckt ze sinn muss jiddereen eng Cotisatioun vun **25€** bezuelen.
D ‘Scoutsjoer ass vum 1.9.2019 bis 31.08.2020

Fir eis ganz nei Memberen kennt nach en eemolegen Beitrag vun **18 Euro** derbäi, fir de Foulard an de Knuet, deen se beim Verspriechen kreien.

**25€ (43€ fir nei Memberen)**

**CCPL : LU97 1111 0731 7537 0000**

Les Loutres Mersch
Mentioun : « Cotisatioun 2019/2020»
Numm a Virnumm vum Kand

W.E.G. denkt drun deng Cotisatioun ze bezuelen bis den 15 Oktober 2019.

Wichtegen Datum: Assemblée Generale Freides den 22.11.19 um 19:30

# Nationaler Gedenktag

Mir hoffen och dech dësen Sonnden ze gesinn. Umellen muss de dech net.

| | |
|---|---|
| Rendezvous: | Sonndes den **13. Oktober 2019**, um 10:00 Auer beim neien Fussballsterrain. (Parking Schlasspesch) |
| Mathuelen: | Tip Top Uniform um Rendezvous, an wann néideg, eppes géint de Reen. Déi Leit déi nach keng Uniform hunn sollen sech fir dësen Dag einfach blo undoen. |
| Fir ween : | Fir all eis Memberen vun jéngsten Beaver bis den eelsten Rover oder Comitésmember |
| Zeréck: | De selwechten Dag, géint 11:45 Auer bei der Mierscher Kierch. |

# Montée 2019

Gudde Moien Wëllefchen, Scout/Guide an Explorer,



- Zäit ass komm fir verschidden Beaver, Wellefcher an Scouten d'Branche ze wiesselen.
- Oder du bass dëst Joer nei am Grupp a mëss däin éischt Verspriechen a kriss däin Foulard
- Oder wëlls einfach e mega coolen WE verbréngen an deng Kollegen an denger Branche ophuelen an hinnen weisen wie et do leeft.
- WICHTEG! Bass du an den Beaver dann ass den WE just fur dech wann's du d'Montée an d'Wëllef mëss.



**Rendez-vous** : Samstes den **19. Oktober um 14:00** op der Gare zu Miersch

**Retour:** Sonndes den **20.Oktober um 15:45** op der Gare zu Miersch

**Mathuelen:** Rucksack, Schlofsack, (Carry-Mat fir Scouten an Explorer), Gamelle, Besteck, Becher, Schlappen, deck Schung, Pyjama, Kichenduch, Wäsch Saachen, dem Wieder ungepassten Gezei, an natierlech gutt Laun.

**Präis**: 20 Euro sinn bis den 13.Oktober op den Kont vun den „Les Loutres Mersch" (CCPL: LU97 1111 0731 7537 0000) ze bezuelen Mentioun: „Montée 19 + Numm vum Kand", (WICHTEG!!)

**Unmellung:** 3 Optiounen: bis den 13 Oktober

- Iwwert den Site (ennert der Rubrik Programm fann der Formular Unmellung) http://new.scouts-loutres.lu/formular-umeldung/
- Per Mail mam Betreff „Montée 2019" (WICHTEG soss landen Emailen am Spam!) op jenny_vosman@hotmail.de
- Oder per Sms um 621 662 114 (Jennifer Vosman)

Ween mécht Montee: All Beaver deen lo 8 Joer aal ass.
All Wëllefchen deen lo 11 Joer aal ass.
All Scout deen lo 14/15 Joer aal ass.

Dëst sinn Reegelalteren. Si kenne awer un Entwécklung vum Kand ugepasst ginn. Dass och e Wandel bei den Alters Strukturen an Diskussioun an e Wonsch vun eeleren Scouten an Explorer ze goen wat mir respektéieren.

Bas du der onsécher da fro bei dengem Chef no.

# Verspriechen

**Waat as e Verspriechen ?**

Mat engem Verspriechen verflicht e Scout sech géintiwwer engem oder méi aneren eppes ze maachen oder z'ënnerloossen. Et ass also eng Ausso déi de Scout un een oder méi Leit bënnt.
E Scout engagéiert sech domat fräiwëlleg vis à vis vu sech an deenen aneren, vu senge Frënn bei de Scouten, am Grupp, der FNEL, zu Lëtzebuerg, an an der Welt.
E Scout deen d 'Verspriechen net anhält, gëtt net bestrooft, mee steet domat ganz alleng virun all senge Frënn an och viru sech selwer.




**WËLLEFCHER**

Ech versprieche, mäi Bescht ze man,
fir e gudde Wëllefchen ze ginn
an all Dag engem eng Freed ze man.

**SCOUTEN, EXPLORER A ROVER**

Ech versprieche, mäi Bescht ze dinn,
Fir meng Flichte géintiwwer der Gesellschaft a mir selwer z' erfëllen,
Fir no onsen Prinzipien vum Scoutsgesetz ze liewen
a fir mech mat iech zesummen anzesetzen fir eng besser Welt

Lenks Patt
Deng Chefen

# Beaver

Salut Beaver!

no enger laanger Summervakanz déi der hoffentlech genoss hutt, geet et lo mat frëscher Energie an dat néit Scoutsjoer eran. Mir freeën eis drop ierch elo gläich ze gesinn ;)

Och dëst Joer maachen rëm e puer Beaver hier Montée an d'Wëllefcher a mir kréien jo e ganzen Koup nei Kanner als Verstäerkung.
Eis Versammlungen sinn Samstegs vun 14h00 bis 16h00. Mir ginn oft mat den Kanner eraus, onofhängech vum Wieder, dofir dot hinnen ëmmer Gezai un wat knaschteg kann ginn an fest Schung.

## Programm vum 1. Trimester

21/09: Open Air

28/09: Versammlung

05/10: Sortie Beaververspriechen

13/10: Journée commémorative

19-20/10: KENG VERSAMMLUNG – Montee fir dei an Wëllef gin

**26/10-03/11: Vakanz**

09/11: Versammlung

16/11: Versammlung



23/11: Versammlung

30/11-01/12: Krëschtmaart zu Miersch + Klesien

07/12: Versammlung

14/12: Versammlung

27-29/12: Krëschtcamp

**21/12-05/01: Vakanz**

Wann's du net an d'Versammlung kanns kommen oder Froen hues, dann ruff eis un!
Barry (Jacquie) 621433486 Marie, Claire Hawky (Martine)

# Beaver

Moien Beaver,

all déi, déi dëst Joër nei an eis Colonie erakomm sinn mussen natierlech och hiert Verspriechen ofleeën. Esou trëfft et sech gudd dëst 1 Dag nom Guillaume, eisem neien Chef-Scout ze maachen.
Ech hoffen dir sidd all grad esou motivéiert wei ech e richtege Scout ze ginn a sidd all mat dobäi!



**RDV**: Samstes, den 5. Oktober um 11:00 beim Home

**Mathuelen**: e Bidon mat Waasser an e klenge Rucksak

**Zréck**: Mir bieden all d 'Elteren um halwer 3 (15:30) um Hunnebuer ze sinn fir hir Kanner beim Verspriechen ze ënnerstëtzen.

Bréngt weg. 5€ mat op de RDV, an et wär fein wann der am viraus eist Verspriechen géift e bëssen üben :)

**Unmellen:** Bis den 1. Oktober iwwert den Site:
[www.scouts-loutres.lu](http://www.scouts-loutres.lu) oder beim: Barry

**Verspriechen:**
Ech well e gudde Beaver ginn, deelen ëmmer fläisseg sinn.

Bei Froën sollt der net zécken eis ze kontaktéiren: Barry: 621433486





Lénks Patt,
äer Cheffen.

# Wëllefcher

## Programm vum 1. Trimester

**Salut Wëllef !**

**No der Summervakanz starte mer mat voller Energie an dat neit Scoutsjoer. Kommt all den 21 September fir eis rëm ze gesinn, är Vakanzenaliewnisser ze deelen an ze kucken ween Montee mécht.**

| | |
|---|---|
| **21.09.19:** | **OPEN-R** |
| 28.09.19: | Versammlung |
| 05.10.19: | Versammlung |
| 12.10.19: | keng Versammlung |
| 13.10.19: | Nationalen Gedenkdag |
| 19.-20.10.19: | Montée |
| **26.10 – 03.11.19** | **Allerhellgien-vakanz** |
| 09.11.19: | Versammlung |
| 16.11.19: | Versammlung |
| 23.11.19: | Versammlung |
| 30.11.19: | keng Versammlung |
| 30.11-01.12.19 | Klesien a Kreschtmaart zu Miersch |
| 07.12.19: | Versammlung |
| 14.12.19 | Versammlung |
| 27.-29.12.19 | Après Ski Camp |

**Wanns du Samstes net kommen kanns dann si mer frou wanns de dech bei engem Chef ofmells.**

---

**DENG CHEFFEN:**


| | |
|---|---|
| Andre Jorge CM | 621 715 985 |
| Yannis Demoutiez ACM | 691 859 430 |
| Cassandra Tousch ACM | 621 400 731 |
| Vic Jacoby ACM | 691 63 16 16 |
| Luana Gengler ACM | |

# Scouten a Guiden

## Programm 1.Trimester 2019-2020

Salut léif Scouten !
No der laanger Summerpaus starten mer lo rëm zesummen an en flott an aliewnisraicht Scoutsjoer ! ☺ Op Iech wäerten vill Aktivitéiten waarden.

| | |
|---|---|
| 21.09.19 | Open-R 14h00 -16h30 |
| 28.09.19 | Versammlung |
| 05.10.19 | Versammlung |
| 12.10.19 | **Keng Versammlung** |
| 13.10.19 | Journée Commémorative Miersch |
| 19. -20.10.19 | Montée zu Ierpeldëng |
| **26.10.19 – 03.11.19** | **Allerhellegenvakanz** |
| 9.11.19 | Versammlung |
| 16.11.19 | Versammlung |
| 23.11.19 | Versammlung |
| 30.11./1.12.19 | Krëschtmaart zu Miersch |
| 7.12.19 | Versammlung |
| 14.12.19 | Versammlung |
| **21.12.19 – 4.01.20** | **Krëschtvakanz** |
| 27 – 29.12.19 | Krëschtcamp |

Eis Versammlungen sinn Samsten Mëttes vum **14:00** bis **16:00** bei eisem Home zu Miersch. Falls du eng Kéier Samstes **net kanns kommen** wieren mir frou wanns du dech **am viraus ofmells (per Mail oder Sms bei engem Chef)**, dat mir eis Versammlung och kennen genauestens plangen. **Merci!**

**Lénks Patt, Deng Scoutscheffen**


| | | |
|---|---|---|
| Claire Merenz CT | 661 929 592 | claire.merenz@hotmail.com |
| Carissia Demoutiez CT | 691 727 569 | cdemoutiez@gmail.com |
| Jennifer Vosman CT | 621 662 114 | jenny_vosman@hotmail.de |
| Pierre Prickearts ACT | 621 738 748 | prickp@hotmail.de |
| Désirée Tousch ACT | 621 400 732 | desiree.tousch@gmail.com |
| Jhang Felten ACT | 621 790 389 | jhang.felten@gmail.com |

Explorer

# Programm 1. Trimester

Salut Explorer!

Mir hoffen dier hudd ierch gudd erholl, dest joer starten mr direkt duerch an hunn vill um Programm, mier freen eis fier dech sou oft wie meigleg ze gesinn.

| | |
|---|---|
| 21. September | Open-R |
| 28. September | keng Versammlung |
| 5. Oktober | Versammlung |
| 12. Oktober | keng Versammlung |
| 13. Oktober | Journée Commémorative |
| 19.-20. Oktober | Montée |
| 26.10 – 3.November | Vakanz, keng Versammlung |
| 9. November | keng Versammlung |
| 16.-17. November | Préparatiounsweekend |
| 23. November | Versammlung |
| 30. – 1. Dezember | Kreschtmaart |
| 7. Dezember | Versammlung |
| 14. Dezember | Versammlung |
| 21. – 4. Dezember | Vakanz |
| 27. – 29. Dezember | Kreschtkamp |

Eis Versammlungen sin, Samstes vun 16h00 bis 18h00 am Home. Wann een net kommen kann soll en sech wegl oofmellen.

Mich Grüneisen – RUE
Paul Grüneisen – ARUE
Pierre Prickearts - ARUE

# Neien Chef-Scout

Et ass den Ierfgroussherzog Guillaume, deen Freides de 4. Oktober virun de Membere vu béide Scouts-Federatioune feierlech säi Scouts-Verspriechen als neie Chef-Scout an der Successioun vu sengem Grousspapp wäert ofleeën.

Preparatiounen fir dëst Fest sinn am gaangen an du kriss weider Infoen. Kriss du Schoul fräi ? Jo et ass Freides Mëttes an der Staat.






Wees du och dass de Guillaume als Scout bei eis am Grupp war. Heirober si mir natierlech ganz houfreg Den Highlight war sécher den Camp 1997 am Nepal



Den 17. Dezember 2014 um Ofschlossowend am Siège vun der FNEL haate mer eng super Geleeënheet, fir de Guillaume erëm ze gesinn. E puer flott Wieder goufen ausgetosch an mir hunn eis un déi Zäit erënnert déi hien mat eis zesummen an de Scoutsversammlungen zu Miersch oder op WE a Campen verbruecht huet.
Hal der also dësen Mëtten scho mol fräi fir dëst eemolegt Verspriechen net ze verpassen.